



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°7933 vum 25. Abrëll 2023
vun den éierewäerten Deputéierte Martine Hansen a Paul Galles iwwert "Appel d'offres pilote pour
projets "agri-PV" au Luxembourg"**

Wéi vill Offert'en si bis elo beim Energieminister ukomm?

**Wéi vill MW elektresche Stroum soll am Duerchschnëtt bei dësen Offert'en (di bis elo agereecht goufen)
produzéiert ginn?**

Déi éierewäert Deputéiert renseignéiere sech iwwert d'Pilot-Ausschreiwung fir Agri-PV-Anlagen zu Lëtzebuerg. De Kandidatur-Zäitraum leeft nach bis den 1. August, a richt duerno wäerten d'Offeren an enger Séance d'ouverture opgemaach ginn, wéi fir eng Ausschreiwung üblech.

Viregt Fotovoltaikausschreiwungen hu gewisen, datt d'Kandidaten an der Reegel richt ganz kuerz virun der Deadline hir Offeren ofginn. Dat ass och hei, zemools bei enger Pilot-Ausschreiwung, ze erwaarden, sou datt am Moment nach keng Offer ukomm ass.

Wat déi ze erwaardend Stroumproduktioun ugeet, sou kann een déi elo schonn ongeféier bezifferen. Et ass eng Puissance vu 55 MW ausgeschriwwen. Wann des géing integral kënnen zougenschloe ginn, kann een sech bei dësem Typ vun Anlagen – Fräiflächenanlagen, déi am Prinzip kënnen optimal ausgeriicht ginn – an engem gudde Sonnejoer duerchaus ëm déi 1000 Volllaaschtstonnen erwaarden, wat eng Produktioun vun ëm déi 55 GWh/Joer géing bedeuten.

Duerch des Pilot-Ausschreiwung eleng géifen also 10 mol méi Solar-Panneauen installéiert ginn, wéi et an de Joren 2013-2018 (5 MW pro Joer) de Fall war.

Lëtzebuerg, den 22. Mai 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie